Union Grand-Duc Adolphe
ugda
Ecole de Musique
Stages

Service National de la Jeunesse

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

FORMATIOUN FIR DEN BREVET VUM ANIMATEUR(TRICE) "B" BEI DER UGDA

An Zesummenaarbecht mat dem «Service National de la Jeunesse» bidd d'Musekschoul vun der Union Grand-Duc Adolphe **fir 2018/2019** eng Formatioun fir Jugend-Animateuren fir den offiziellen **Brevet vum „ Animateur B"** un. De Brevet gëtt ausgestallt vun dem Minister fir Schoulwiesen, Kanner an Jugend.

Zilgrupp :
Dës Formatioun riicht sech un Leit, déi am Jugendberäich täteg sinn, z.B. an den UGDA-Veräiner oder déijéineg, déi gären als Animateur bei Stagen/Kolonien z.B. vun Veräiner oder der UGDA's Musekschoul deelhuele wëllen.

Konditioune fir de Brevet "Animateur B" :

- mindestens 16 Joer aal sinn.
- un dräi Formatiouns-Weekender an enger Formatiounswoch deelhuelen
- un Stagen oder Kolonien deelhuelen (mindestens 6 Deeg)

Inhalter:

D'Weekender begräifen Folgendes:
* Animatiounstechniken * Jugendaktivitéiten am Veräin * * Zesummeliewen am Grupp * D'Formatiounswoch begräift eng theoretesch Formatioun an eng praktesch Uwennung mat Kanner/Jugendlechen.

DATUM:

FORMATIOUNSWOCH (6 DEEG):
- Méindes**, den 2. November, vun 10.00 Auer un, bis Samchdes, den 7. November 2020, um 12.00 Auer, am Marienthal bei Huelmes (**Allerhellegevakanz)
Leedung: Lynn Kraus, Alain Tonnar, Anne Jacobs

WEEKENDER:

- Samchdes den 21., vun 15.00 Auer un, bis Sonndes den 22. November 2020, um 17.00 Auer, am Marienthal
Thema: **„Danz an Hip Hop op der Kolonie**": Wéi kann ech danzen op enger Kolonie gebrauchen? Wéi motivéieren ech ee Jugendlechen fir ze danzen? Wéi mécht een eng Choreographie?
Leedung: Carlo Köller, Claudia Urhausen, Caroline Ciuca

- Samchdes de 24, vun 15.00 Auer un, bis Sonndes den 25 Abrell 2021, um 17.00 Auer, am Marienthal
Thema: „**Film an Tountechnik liicht gemaach":** Mir erklären Material, wat brauchen mir an wéi fonktionnéiert et. Mir filmen an huelen op an verschaffen dann alles um Computer.
Leedung: Carlo Koeller, Frank Schroeder, Adrien Promme, Philippe Becker

- Samchdes de 6, vun 15.00 Auer un, bis Sonndes den 7 März 2021, um 17.00 Auer, am Marienthal
Thema: „**Bodypercussion a Stomp":** Mir klappen op alles a maachen Kaméidi.
Leedung: Carlo Koeller, Wagner Frank, Biver Georges

Ecole de Musique
de l'Union Grand-Duc Adolphe
Fondation

3, route d'Arlon L-8009 Strassen
Tél.: +352 22 05 58-1 • Fax: +352 22 22 97
www.ugda.lu/ecomus/ • ecole@ugda.lu
TVA 1991 6400 104
IBLC: LU 15430265

Comptes bancaires:
BCEELULL LU59 0019 5603 7800 7000
CCPLLULL LU67 1111 1052 0052 0000
BILLLULL LU24 0024 1844 1526 7000
CCRALULL LU93 0090 0000 5805 8066

D'Formatiounsweekender vum SNJ oder vun aneren Organisatiounen, déi vum Ministère fir Schoulwiesen, Kanner an Jugend unerkannt sinn, ginn och akzeptéiert. Dës sinn och um Internet-Site www.snj.lu publizéiert.

PRAKTESCH STAGEN:
Een Total vun wéinstens 6 Deeg (75 Stonnen) ass néideg fir de Brevet.

Praktesch Stagen sinn méiglech bei de Vakanzstagen vun der UGDA's Musekschoul (Allerhellegen-, Krëschtdaag-, Fues- an Summervakanz) oder aneren Organisatiounen, déi am Formatiounsprogramm vum SNJ figuréieren wéi och d'Fräizäitnomëtteger vun de Gemengen (14 Deeg sinn hei gefrot).

BEDEELEGUNG UN DE KÄSCHTEN:
Fir d'Formatiounswoch sinn 150 € a fir d'Weekender sinn 56 € pro Weekend op den BCEELULL LU59 0019 5603 7800 7000 ze iwwerweisen. **D'Iwwerweisung gëlt als Umeldung!!**

RENSEIGNEMENTER AN ASCHREIWUNG

ECOLE DE MUSIQUE DE L'UGDA
Fondation
3 Route d'Arlon, L-8009 Strassen
Tél: 46.25.36-20 - Fax: 22.22.97
carlo.koeller@ugda.lu
www.ugda.lu/ecomus

INSCRIPTIONS ONLINE : www.ugda.lu /ecomus ● rubrique Activités/Stages – Formulaires

Avec le soutien de lalux ASSURANCES